

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4648 vun den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo an Dan Biancalana iwwer d'Travaux d'intérêt général (TIG) zu Lëtzebuerg schreift d'Madamm Minister, datt am Joer 2020 am Ganzen 68 vun 148 TIG-Strofen net oder net ganz executéiert goufen. 80 verurteelt Persounen sinn dat Joer also net nëmmen enger Prisongsstrof (vun net iwwer 6 Méint) entkomm, déi hätt kënne géint si ausgesprach ginn, mee och enger "Substitutiounsstrof" a Form vu Sozialaarbecht, déi relativ heefeg zu Lëtzebuerg ausgesprach gëtt, fir déi souwisou iwwerlaaschte Prisongen net weider ze belaaften. D'Madamm Minister huet op divers Ursaache verweisen, déi dozou bäigedroen hunn, datt sou vill TIG-Strofen un de Service Central d'Assistance Sociale (SCAS) zréckverwise goufen.

An deem Zesammenhank hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wéi vill TIG-Strofe goufen 2021 ausgeschwat? Wéi vill vun dese Strofe goufe bis elo ganz executéiert?
- 2) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill vun de Verurteelten zum Zäitpunkt vum Urteel mannerjäreg waren? Wéi vill vun dese mannerjäreg Verurteelter hu bis elo hir TIG-Strof ganz ofgeleescht?
- 3) Leien der Madamm Minister Zuele vir, déi beleeën, wéi vill mannerjäreg Persounen d'lescht Joer wéinst Kierpverletzung zu enger TIG-Strof verurteelt goufen a wéi vill der vun hinnen hir Strof ganz ofgeleescht hunn? Kann d'Madamm Minister preziséieren, a wéi enge Strukture si hir Strof ofgeleescht hunn?
- 4) D'Madamm Minister schreift an hirer Äntwert betr. d'"Ënnerbriechung" vum Ofleeschte vun TIG-Strofen: *"Cette interruption intervient notamment lorsque la personne condamnée ne se manifeste pas (ou plus) auprès du SCAS pour l'accomplissement de ses heures de TIG, n'est plus joignable ou n'accomplit pas les heures prescrites endéans les délais légaux."* Wat ënnerhuelen déi zoustänneg Instanzen, wann déi verurteelt Persoun

sech net méi "manifestéiert", wa se net méi ze erreechen ass oder wa se hir Sozialaarbecht net innerhalb vun der festgesater Frist ofleescht?

- 5) An derselwechter Äntwert schreift d'Madamm Minister: "*Néanmoins, le système informatique des autorités judiciaires ne recense pas le nombre de révocations de TIG.*" Aus wéi enge Grënn ginn dës Zuelen net erfaasst?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser,
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten